

10. Projet de loi 4962 modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Mee 2001 zum Schluss vun den Debatten zur Lag vun der Natioun mam leschte Joer hei eng Motioun gestëmmt, mat där d'Regierung opgefuerdert gouf ze préiwen, ob een de forfaitairen TVA-Saz, deem d'Bauere rembourséiert kréien, net kënnt eropsetzen.

Dës Motioun huet sech deemools ageschriwwen an de Kontext vun der wirtschaftlech éischter schwieriger Lag, an déi vill Baueren duerch all Zorte vu Liewensmëttel-krisen eragerëtscht sinn.

Mat deem virleiende Projet de loi gëtt elo dës Saz vun haut aacht Prozent op néng Prozent eropgesat. Déi meescht Bauerebetriber zu Lëtzebuerg hu fir d'Applicatioun vum forfaitaire Saz optéiert, soudatt se bal all vun dëser Mesure betraff sinn. Den Direkter vun der Enregistrementverwaltung huet eis an der Kommissioun gesot, dass ganzer dräi Betriber net ënnert de forfaitairen TVA-Saz falen.

De forfaitairen TVA-Saz ass deem, mat deem d'Baueren e pauschale Remboursement fir all déi Produiten a Materialië kréien, déi se ugeschaaft hunn a wourop se e bestëmmte Pourcentage un TVA virbezuelet hunn. Hei gëtt eng statistesch Moyenne gerechent vun der TVA, déi d'Baueren iwwert de Kaf vu Produite bezuelet hunn. Déi Moyenne gëtt dann als Taux forfaitaire geholl, fir hinnen déi virbezuelten TVA iwwert d'Vente vun hire Produiten auszegläichen.

Et kënnt duerch dës Unhiewung net zu enger Verdeierung vun de landwirtschaftleche Produkter. Den Ausgläich mécht sech um Niveau vum Enregistrement bei den TVA-Erklärungen vun deenen eenzelne Geschäftsleit. Déi eeprozenteg Augmentatioun geet praktesch à cent pourcent zu Laaschte vum Stat. An där leschter Berechnung huet sech erausgestallt, datt Baueren, déi ënnert dem forfaitairen TVA-Saz schaffen, an der Moyenne 8,66% TVA virbezuelen. Se kréien de Moment awer nëmmen 8% erëm, soudatt se global gesinn der méi bezuele wéi se der erëmkreien.

D'TVA ass vun hirem Wiesen hier sécherlech eng neutral Steuer, déi just den Endverbraucher definitiv eppes kascht, well op hirem Wee zu dësem Endverbraucher all Kéier, wou se muss entriicht ginn, och erëmbezuelet muss ginn. Bei de Baueren, déi am forfaitaire Régime schaffen, ass déi absolut Neutralitéit schwéier ze errechnen, well dat nëmme mat TVA-Sätz géing, déi zwou Stellen hannert dem Komma opweise géifen.

Mir applizéieren zu Lëtzebuerg dës TVA awer nëmme mat ganze Prozentzuelen. Wa mer elo vun aacht op néng

Prozent eropginn, da kënnt dobäi eraus, datt d'Baueren am forfaitaire Régime 0,34% méi un TVA erëmkreien, wéi se der statistesch gesi virbezuelet hunn. Dat heescht, datt se hei eng lichte Faveur hätten. Eng Faveur, Här President, mat där heibanne mat Sécherheet, géing ech awer soen, jiddereen d'accord ass an dat net nëmme wéinst där schwieriger Situatioun, an där d'Landwirtschaft sech befënnt.

Här President, dës Projet ass mat Sécherheet kee schrecklech komplizéierten an et ass a mengen An net méi dozou ze soen, wéi ech gesot hunn. Ech wëll zum Schluss duerfir den Accord vun der CSV bréngen an d'Chamber bidden dës Projet an där Form ze stëmmen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech ka mech fir eng Kéier dem Här Clement - dat ass jo net méi esou oft de Fall - uschléissen. Hien huet gesot: "Et wier net vill dozou ze soen." Hien huet alles gesot an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- Den Här Graas ass als nächste Riedner agedroen.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv ass et e gudde Projet, wéi elo just hei gesot ginn ass. Ech wëll dem Här Clement merci soe fir déi néideg Explicatiounen. Ech brénge gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, mir sinn hei a Presenz vun engem Projet, deem der Landwirtschaft entgéint kënnt, an deem Mooss, datt e Retard am Ausgläich vun der TVA combléiert gëtt. Den Här Clement als Rapporteur, deem dat ganz däitlech hei duergeluegt huet, huet gesot, dass e bëssen iwwerkompenséiert gëtt, dat heescht, et ass eng positiv akommespolitesch Mesure domat verbonnen, déi een an dëser schwieriger Zäit, wou d'landwirtschaftlech Akommes wäit hannert deem vun deenen anere sozioökonomesche Couchen hei am Land läit, nëmme ka begrëssen.

Et muss een ënnersträichen, datt déi Mesure hei keen Afloss op d'Präisser vun de Liewensmëttel vun de Konsumenten, wann déi akafen, huet, soudatt een eigentlech ouni Problem dësem Projet kann zoustëmmen. Ech begrëssen, datt et zu dëser Mesure kënnt. Ech selwer hat virun e puer Méint eng Question parlementaire dozou gestallt an ech si frou, datt elo dat zu engem positiven Effet gefouert huet. Ech bréngen domat den Accord vun eiser Fraktioun.

M. le Président.- Da kéime mer un de Minister.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Ech mengen,

jiddereen huet unerkannt, datt et e gudde Projet ass, deen am Intérêt vun der Landwirtschaft ass.

Ech si frou, datt Der en alleguerte stëmmt. Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwer de Projet de loi 4962.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Fernand Greisen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Mir komme lo zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4931 iwwert d'Steierverwaltung an den Enregistrement. Et hu sech schonn ageschriwwen déi Häre Krecké, Graas a Gibéryen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Norbert Hauptert.

11. Proposition de loi 4931 modifiant

- 1) la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes et des accises;**
- 2) la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi gelungenerweis mäin Numm dréit an déi mer hei grouss Eier mécht, déi ech awer net méritéieren, an dat aus zwou Ursachen: Éischtens, well et eng Proposition de loi ass, déi vun der ganzer Kommissioun gedroe gëtt, also sämtleche Membre vun der Kommissioun, egal vu welcher politescher Richtung. Zweetens ass et jo soss näischt wéi en Deel vun engem Projet de loi, deen aus deem initiale Projet huet missen erausgeholl ginn, well de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet, an doduerch hei ënnert der Form vun enger Proposition de loi virgeluegt soll ginn. Also, ech wëll de Mérite, dee mer déi Propositionen hei gëtt, mat de Kolleegen deelen.

D'Proposition gesäit zwee Deeler vir: éischtens, d'Modifikatioun vun der loi organique vun der Steierverwaltung. Deen Deel war an dem Gesetz iwwert d'Reform vun de Steiere mat agefügt ginn. Wéi gesot hat de Statsrot eng Opposition formelle gemaach an dofir hu mer deen Deel erausgeholl.

Deen Deel gesäit fënnef Modifikatiounen vir; éischtens datt am Titel vun der Steierverwaltung, déi bis elo Administration des contributions et accises geheescht huet, dat Wuert "accises" gestrach gëtt, well dat eng Attributioun ass, déi de Moment bei der Douane läit.

Zweetens gëtt en onofhängege Service virgesinn, wat d'Poursuiten ubelaangt. Bis elo sinn d'Poursuitë bei der Steierverwaltung vun dem Receveur gemaach ginn. Do schéngt eng Incompatibilitéit an den Attributiounen ze sinn, asoufern de Receveur, deen am Fong geholl zoustänneg ass fir d'Suen ze encaisséieren, net och nach Poursuitë maache kann. Dofir gesäit d'Gesetz vir, en ofhängege Service ze kreéieren.

Déi drëtt Modifikatioun ass d'Introduktioun vun der Carrière vum Informatiker an der Carrière vum Redakter a vum Expéditionnaire, well eben d'Informatik och besonnesch an der Steierverwaltung ëmmer méi eng grouss Importenz kritt.

De véierte Volet gesäit vir, dass d'Zuel vun de Fonctionnaires, déi hors cadre kënnen avancéieren, vun zéng op